# Dideléng ze schwéierer Zäit

## Preisesch Okkupatioun II Freiwëlleg Compan

Mir haten an onser leschter Sendung erzielt dass de preiseschen Okkupant systematesch all Gesetzer, Gebräich a Gewunnechten déi typesch Lëtzebuergesch waren ofgeschaft an esouguer duerch Verordnungen verbueden huet. Mir haten als Illustratioun genannt, dass d' Dro'en vu Berrêten, also déi bloen ~~de~~ Kappdeckel oder Bereh Bask verbueden haten. Firwat, mä well dat no hirer Meenung ze vill un d'Franzosen erënnert huet. Vill vun dese jonke lëtzebuerger Borschten ware sech deem émol net eso bewosst, mä einfach well et eng bequem Kappbedéckung war ass e vill gedroe ginn, an net well et eppes mat Frankreich ze doen hat. Dest Beispill huet bewiesen wéi fanatesch d'Herremenschen zu Lëtzebuerg waren an émol net gemierkt wéi lächerlech sech mat eso Verordnunge gemaach hun.

En anert Beispill un dat mir wollen haut erënneren war ons Freiwëllege Compagnie. Also d'lëtzebuerger Zaldoten. Et kann een dat nach verstoen, dass d'Preisen des Organisatioun hu missen ofschafen, well schliesslech goung et jo no hiere Bestëmmungen kee Grossherzogtum Luxemburg mé an deemno jo konnt jo och keng lëtzebuergesch Armee weider bestoen. Mä wéi si dat gemaach ~~ool~~ hun, welle mer ~~haut~~ an onsen nächste Sendungen beliichten.

Vir ugefaangen e bësse Geschicht:

Vum Londoner Vertrag vun 1867 soll Lëtzebuerg onofhängeg an neutral sinn ~~Als~~ Also en neutrale Staat brauch och keng Armée, an och keng ausländesch militäresch ~~Okk~~ Okkupatioun's Truppen. Also hun och déi preisesch Truppen ons Land verloos. An de sougenannten Jägerbataillon dén aus denen 2 Lëtzebuerger Bataillonen ~~opgezoge~~ entstane war huet och missen ofgeschafft ginn. Desen Wendepunkt an der lëtzebuerger Militärgeschicht huet missen nohgedrongen duerch e Gesetz geschéien. Meenteleng hu schon deemols ons Deputéiert iwwert dest Gesetz débattéiert. Mat desem Gesetz huet missen déi deemoleg Miliz ~~also~~ dat heescht d'Militärdienstpflicht ofgeschafft ginn, ~~an~~ déi bewaffent Macht op e Minimum reduzéiert ~~gin~~ an de Grossherzoglech Gendarmen Corps wéi och de Freiwëllege Kompanie an d'Liewe geruff ginn. D'Gendarmerie Compagnie soll aus 135 Ennerofizéier an Mannschaften bestoen; an d'Freiwëllege Compagnie aus 140 bis 170 Freiwëlleger.

D'Militär Musech soll nom Krich och ofgeschaft gin, mä den Drock vun der Populatioun war esou gross, dass schliesslech awer eng Militärkapell vun 29 Musikanten bestoen ass bliewen.

Et wär hei nach kuerz ze erwähnen, wéiwäit d'Uniformen vun eise Fräiwëllegen esou oft changéiert hun. Am Ufank war einfach alles vum Jägerbataillon iwerholl gin. Dun wéi nom Doud vum Wëllem dem Drëtten, d'Nassauer Linn vun den Oranier mam Grossherzog Adolf am Joer 1890 op de lëtzebuerger Tron kum, hun d'Offizéier hir Ausbildung an éistreicheschen ~~Schoulen~~ Schoulen a Regimenter kritt an d'Lëtzebuerger krute(n) och Uniformen nom éistreicheschem Modell. D'lëtzebuergescht Militär war also no Éstreich hin orientéiert. Desen Trend ass och während dem 2te Weltkrich bestoe bliwen. Mä dono, nach der Niderlag vun Deitschland an Éstreich sollt mat deser Traditioun gebrach gin an ons Offizéier kruten hir Ausbildung an der franséischer Ecole Spécial de Saint Cyr oder an der belscher Ecole Royale Militär.

Desen Excurse nennen ~~[illegible]~~ wir eventuel de Preisen gerecht ze gin, dass des lëtzebuergescht Militär Mentalitéit ob schnellstem Wé ze verschwannen hätt

D'Preisen haten ~~[illegible]~~ also 2 Méglechkeeten Entweder ~~[illegible]~~: D'Lëtzebuerger Zaldoten mat hieren Offizéier einfach ze entlossen an heem ze schécken; Oder se eventuel, no hirem Ausdrock anzeschulen. Sie hun dat leicht gewiellt, awer wé. Fir mech dat erklären losse mer emol an den Archive kucken wat fir Diddeleng de Wé bei eis Fräiwëlleg gesicht haten.

1886 / 1869 / 17 Opfälleg ass, dass wéi d'Fräiwëllege Companie an d'Liewe geruff gouf, déi
1890 / 1869 / 21 Diddelenger net presséiert waren sech dofir ze mellen. Als éischte fanne mir den Felgen Jean. Hien war den 23 Januar 1869 gebuer, ~~ass~~ ass den 12te Abrël 1886 agetrueden a gouf als Caporal den 28ten Februar 1890 entloos. War also knapp
1906 / 1888 / 18 4 Joer bei der Arméi, ~~an dat du dat~~ heescht mat 17 Joer agetrueden a mat 21 Joer entloos. Wéi en du säi Liewe weider gemaach als Gendarme oder Féschter wësse mer net.

Et huet du gedauert bis den 2te Januar 1906 bis dén 2ten Diddelenger de Wé an lëtzebuerger Armee fond huet. Sein Numm war Speck Alfons, ~~en~~ war den 13te Januar 1888 gebuer, ~~also~~ Hat also 18 Joer an ~~[illegible]~~ gouf Gendarme.

Bis zu séngem Antrett an d'Compagnie waren der do schon 1376 passéiert. D'ieczoud Diddeleng war bis dohinner och nemmen en Duerf, mä wa mer an déer schwéier Zäit e Vergleach mat aner Dierfer maachen da war aus gerad eso klénge Vertschaften wé Bonkels, Goesdeng, Kautebech, Perlé oder Veianen der vill méi bei déi Freiwelleg gaangen wéi vun Diddeleng.

Vu Weiswampech z.B. bis 1906 war et der 13 ~~an~~ an där Zäit vun 1906 bis 1940 also a 34 Joer kummen der nemme méi 11 derbei. Oder huele mer Echternach. Bis 1906 waren der 29 agetrueden a vun 1906 bis 1940 nach 21.

Wat waren d'Ursachen dass aus der Minettsgegend also och déi Diddelénger eso wéineg Interêt gewiesen hun fir dest Zaldotelieweн am Vergleach mam Centrum an Norden vum Land. Eng Fro op déi mir bei kéng Äntwert wessen. Mä ~~dann~~ a mettlerweil ~~hat~~ d'Industrialiséirung ugefaangen a bis 1940 haten dunn awer 53 Diddeleng de Wé an d'Freiwellege Compagnie fond.

Des Puer Remerken zu dem Entstoen vun der Lëtzebuerger Armee an hieren Zoulaf vu ~~Zaldoten aus dem Land~~ vun Diddelenger Rekruten am Vergleach mat Candidaten aus aner Ortschaften.

Wat ons awer am Kader vun dese Sendungen interesseiert ass wat geschitt mat onser Freiwellege Compagnie nodeem d'Preisen onst Land den 10 Mee iwwerfall a besat haten. Heeriwer weider no enger kuerzer Musek.

---

~~Wéi also d'Preisen Lëtzebuerg den 10te Mee 1940 iwwerfall hun huet ons Freiwellege Compagnie aus 467 Persounen inklusiv der Militärmusek an doerenner ~~dorunner~~ 13 Diddelenger.~~

Wéi also d'Preisen Lëtzebuerg den 10 te Mee 1940 iwwerfall hun, huet ons Freiwellege Compagnie aus 405 Offizéier an Zaldote bestanen; doerenner 13 Diddelenger an d'Militärmusek aus 41 Musek ~~inklusiv der Militärmusek aus 467 Persounen bestanen an doerenner 13 Diddeleng~~

Ér mer ~~awer~~ elo un d'Ereegnesser vom 10te Mee kommen, welle mer vun deser Sendung profitéieren fir drun ze erënneren wat ~~aus~~ fir Aufgaben onse freiwelleg Zaldoten an Offizéier vun der Regierung opgedroe gi waren an der Erwaardung vum Kriichsausbroch.

Ons ~~Fir dës~~ Informatiounen baséieren haaptsächlech op déi 2 Bänn " ~~Freiw~~ Freiwellege-Kompanie 1940 – 1945 , Antoine Jacoby an Traufler.

[signature]

Erönnere mer drunn, dass wéi d'Warscheinlechkeet vun engem Krich ëmmer méi grouss gouf, eis Regierong d'Neutralitéit vun onsem Land ëmmer erem ennerstrach huet. 4

Et schreiwt den Colonel honoraire Will Albrecht:

Wann ee bedenkt dat d'Regéironk schons de Juni 1938, dräi Méint vrum Ofkomme vu München (29. September), ugeurdent huet dat d'Fräiwëllege-Kompani e Marsch no der franzéischer Grenz sollt ënnerhuelen fir dës z'iwwerwaachen (~~Leymillen, Wis, Munneréf~~) kann ee nëmme soën, datt Lëtzebuerg ganz fréi op seng Onofhängegkeet wollt hiweisen.

Am September 1938: Erëm op Uerder vun der Regéironk as, den 28., e neien Iwwerwaachongsdéngscht op der franséischer an däitscher Grenz, vu Rodange no Schengen bis op Léiler (Lieler) a Kraaft getrueden. Et gong deemols drëm, alles anormales direkt dem Chef vun der Jhandaarmeri ze mellen.

Dës Iwwerwaachong wor nëmmen op Leit opgebaut. D'Regéironk huet dono materiell Hënnernëssen agefouert, fir d'Neutralitéit vum Land nach méi erfirzesträichen.

Sou as et komm datt no a no Stroossespären ubruecht si gin. An engem Rapport vu ~~mir~~ (November 1939) woren et dës:

Op de Brécken: Waasserbëlleg
Gréiwemaacher
Wuermeldéng
Réimech
Schengen
an Munneréf-Diddenuewen

an an de Stroossen: Schengen-Kontz
Munneréf-Diddenuewen
Fréiséng-Grenz
Diddeléng-Wuelmeréng
Diddeléng-Souftgen
Esch-Däitsch-Oth
Esch-Réiden
Bieles-Grenz
Vesque-Haff
Rodange-Grenz

Lues a lues sin d'Späre verstärkt an deelweis mat automatesche Puerte versi gin.

Nom „Polen-Feldzug" wor d'international Lag ganz geféierlech gin. Sou as de 19. März 1940, op Uerder vum Staatsminister a vum „Major-Commandant de la Force Armée" an am Zesummeschaffe mat der Duan, duerch d'Jhandaarmeri de Grenziwwerwaachongs-déngscht frësch organiséiert gin. No desem Programm war ennert aneren virgesinn:

- Standposte bei klengere Brécken- a Stroossespären.
- Patrulle laanscht d'Grenzen.
- Standposte bei de Grenzbrécken a Stroossespären.
- Stand- a Patrulleposten an der Spärzon dat war (Munneréf-Réimech-Schengen).
- Radio-Posten zu (Housen, Veianen, Iechternach, Waasserbëlleg, Réimech, Rodange a Lëtzebuerg).
- Extra-Kontroll vun den Zich aus Däitschland a Frankräich an de Gare vun Esch/Uelzecht, Betebuerg, Rodange a Waasserbëlleg.
- Pass- a Visakontrollen op de Grenzen.

An den Instruktiounen vun dëser Reorganisatioun steet dann och datt friem Deserteure festgehale solle gin, datt, wann auslänescht Militär op lëtzebuerger Buedem ugetraff sollt gin, *kee Gebrauch vun de Waffe gemaacht därft gin* an datt an esou Fäll Protest ageluecht sollt gin, an zwar matt dëser Formel:

„Ich mache Sie darauf aufmerksam, daß Sie sich hier auf luxemburgisch neutralem Gebiete befinden. Zufolge Befehl der Großherzoglichen Regierung sind Sie aufgefordert, diesen neutralen Boden zu verlassen."

„Je vous rends attentif que vous êtes ici sur le territoire neutre du Grand-Duché de Luxembourg. Par ordre du Gouvernement Grand-Ducal, vous êtes invité à quitter ce territoire neutre."

An onser Sendung iwert d'Landung vun de Fieseler Storchen den 10te Mee an de Wiesen bei der Cellula zu Betebuerg hate mir schon erzielt dass déi Betebuerger Gendarmen respektiv Poliziste déi preisesch Landetruppen mat deser Formell empfangen haten. D'preisesch Zaldoten awer hu nëmme gelächelt an hinnen hir Carabiner ofgeholl hun.

No desem Exkurs d'Klammer nen zou. D'international Lag gouw ëmmer méi onsécher a mir sin um Virowend vum 10 te Mee.

Aus deenen trageschen Terchefäll déi den Will Albrecht am Band I Freiwellegkompanie beschreiwt plécke mir e puer Extraien eraus:

Den Zwëschefall um Grenzposten zu Räisdorf:

De Gendarm Gallion an den Zaldot 2. Klass Fah sin op Patrul.

Um Wé zeréck no Wallendorf-Bréck huet d'Gebrumms vun Brudem an an der Loft stark zougeholl. D'Patrull as géingt 4,15 Auer bei der Breeck ukom. Den Niwwel hat sech gehuewt an déisäit der Sauer konnte se gesin, dat däitsch Truppen massiv zesummegezun waren. Den Douanier Walter huet hir gesot et wär um Teléfon "Alarm" gemellt gin, dono wäre keng Verbindungen méi hirgestellt gewierscht

D'Patrull as bei der Bréckespär stoë bliwwen.

Exakt ëm 4.25 Auer as de Schlagbam op däitscher Säit opgaang. Een Offizéier, 3 Ëneroffizéier an ongeféier 20 Zaldote sin iwwer d'Bréck gerannt, hun déi op lëtzebuerger Säit installéiert spuenesch Reider an d'Sauer geworf an hu sech huerteg tëschent Spär a Gelänner duerchgequëtscht. En Ënneroffizéier jaut direkt: „Hände hoch!", den Offizéier gläich drop: „Waffen ablegen!" All hate se Gewierer, Pistoulen, Maschinepistoulen a Granaten, prett vir d'Lëtzebuerger am Fall vu Widderstand ëmzeleën. Dës haten ower den Uerder krut, kee Gebrauch vun hire Waffen zu maachen. Si hun déi dun ofgin.

Duerno si GALLION, FAH, SCHILLING a WALTER an d'däitscht Duansheischen ofgeféiert gin. Si gesouchen wéi 5 Maschinegewierer ronn eng véirel Stonn an d'Breckespär geschoss hu fir Lächer ze maachen déi se da matt Dynamit gefëllt hun. Dräi Sprengonge sin erfollegt. Bei der éischter as de Plafong vum Heischen deelweis op eis Gefaangener erofgefall, dach as kengem eppes geschitt.

Wé as et enger aner Patrull ergaangen? Et waren d'Zaldoten Mack a Kass.

Si huet hiren Déngscht ëm Mëtternuecht ugefaang. Näischt huet se anuecht geholl, souguer wéi de Beziirkskommandant GILSON J. ëm 2.50 Auer, fir d'zweetemols an dëser Nuecht, hir ageschärft huet op Droht ze sin.

De Jh. TURPING huet géint 3.20 vu Veianen aus teléfonéiert d'Paart direkt an definitiv ze schléissen a séch zréckzezéien. Dësen Uerder as op der Plaz befollegt gin. D'Patrull huet all Akten an de Paarteschlëssel an de Quartéier-Büro (~~Hotel Reckinger~~) bruecht. Hei huet de Br. BECKER ëmmer ërem versicht, Teléfonsverbindongen hirzestellen. Et wor ëmsoss.

deen am Hôtel de la Sûre zu Räisdorf war

Brigardier

Den Gendarm Clees an Zaldot Hebisch waren dobaussen op Patrull. Dest huet dem Brigardier Becker ze geféierlech ~~geschéngt~~ geschéngt ze sin an en huet den Zaldot Mack ugestellt déi zwéin zeréckzeruffen

Dësen as doroper direkt durch d'Wis vis-à-vis vun der Gare zum hënneschten Deel vun der Schoul gaang fir esou op d'Haaptstrooss ze kommen. Wéi en d'Gaardendir hanner der Schoul opmaache wollt, koum en Zivilist, d'Pistoul am Grapp, op en duergesprong a jaut: „Hände hoch, legen Sie die Waffen ab!" De MACH dee keng Waff bäi sech hat, huet Baionett, Casque a Liedergeschir ofgeluecht. „Es hat keinen Sinn sich zu wehren, in einer halben Stunde sind die Truppen da!" krut en du gesoot.

E Paff, an aus dem Schoulhaff sin dräi Ziviliste mat Pistoulen, Handgranaten a Maschinepistoulen op äisen Zaldot gestierzt. Si froten: „Ist die Pforte offen?" „Nein!" Eng Maschinepistoul krut de MACH op d'Broscht gesat: E misst gläich soe wéi d'Paart opgemaacht géing gin. Dee sot, wann déi eng Kéier zou wär si iwwerhaapt nët méi opgemaacht kënnt gin. D'Hänn sin ëm mat Drot um Réck ugebonne gin. Op Fro huet e gesot en hätt d'Paart op Uerder géint 3.30 Auer zougemaacht. Nach eng Kéier as him mat Erschéisse gedroht gin.

Duerno as ën an d'Kabineën (Toiletten) vun der Schoul agespaart gin, wou en nach zweemol opgefuerdert as gin, d'Paart opzespären. Vrun der Dir stong e Posten dee Lëtzebuergesch geschwat huet (e gewëssene „Misch" vu Wallenduerf).

Zwanzeg Minuten spéider as de MACH bei d'Spär bruecht gin wou ~~en ufond huet: D'Jh. PETERS, CLEES an HANSEN, d'Zt. KASS,~~ och déi aner Lëtzebuerger vum Grenzposten waren. Si hu missen, Pistoulen op se geriicht, probéieren d'Paart opzemaachen. Ëmsoss. Ënner staarker Bewaachong sin déi 9 Gefaangener bei de Schmatt LINDEN gefouert gin fir e Schweesapparat bei d'Spär ze schleefen. Knapps wor dat geschitt, sin däitsch Zaldoten agetraff

Och hei sin mat Maschinegewierer Lächer an d'Spär geschoss gin. Dono hun äis Gefaangener sech ongeféier 50 Meter vun der Spär ewech hannert engem Giewel opstelle missen, d'Awunner vun dën Heiser nobäi hun dës misse verloossen. Dräi Sprengongen hate keen Erfollech. Dach e puer Minuten drop hun zwéin aner d'Paart zerstéiert. D'Lëtzebuerger hun du missen déck a kléng Stäng op d'Säit droën. D'Heiser niewt der Spär hu schwéier Rëss ofkritt, eng Fassad as agedréckt gin. D'Metzerei SCHACKMANN gouf uerg matgeholl.

Ob dëser Plaz éng Texte-Bemierkung. Aus dësem Bericht geet deitlech ervir dass schon deen Dag viruer 10 bis 12 Zivilisten op lëtzebuerger Buedem wossten dass deen aneren Dag den militäresche Iwerfall géif kommen. Sie haten also Waffen, waren ausgebild a wossten ganz genau wat sie ze erwarten hätten. Et waren entweder Preisen déi bei bei äis gewunnt a geschafft hun oder lëtzebuerger Verréider déi kaaft waren. Et war déi so genannten 5 Kolonn.

Lest beleed och de Rapport iwert d'Patrull Clees-Hebisch:

Ët wor ëm 4.15 Auer wou de Br. (gendiers) BECKER (Gendarm) de Jh. CLEES an den Zaldot HEBISCH a Patrull (mat ~~Rieder~~ Vëloen) op d'Urbréck geschéckt huet. Schons hu se hei en Zivilist begéint deen op hir Fro, wat en hei géng maachen, keng Äntwert gin huet. Bei der Kapell, op dem Wee no Héischdrëf (Hoesdorf), stongen nach 2 aner Zivilisten, d'Pistoulen am Grapp.

Wéi d'Patrull all dat gesouch, wor et hir klor, datt déi Däitsch geschwënn ugeréckt kéimen, besonnesch well ëm dës Zäit Aviônen a Massen eriwwergeflu si an d'Gebrumss vun de Motoren déi Säit der Sauer staark zougeholl hat. Si huet sech an d'Quartéier zréckgezun. Wéi si zur Fënster erausgeluust hun, gesouche se bei der Epicerie vum Hotel 6-7 arméiert Ziviliste stoen.

Séier hu se séch zréckgezun, a schons huet ët ugefaang ze balleren.

. Em d ganzt Haus as wéi kloërrose geschoss gin. De BECKER a CLEES hun deen Ament déi hënescht Dir opgemaacht fir matdeelen zu kënnen, de Poste géng nët erëmschéissen a géng sech ergin. Mä schons wor de Brigadier vun enger Kurrel an d'Long getraff gin. En huet d'Dir awer nach zougemaacht, as op den 2. Stack gelaaf wou en zesummegebrach as. Den Zt. MAQUIL huet en opgehuewen, op d'Bett geluecht an ëm Waasser ze drénke gin.

Kuerz dono as eng Handgranat vrun der Dir vum Café explodéiert. Eng Maschinepistoul huet duerch d'Fënster iwwert der viischter Dir an d'Zëmmer erageschoss, an deem gewéinléch d'Familge Reckinger iwwernuecht huet.

„In zwei Minuten muß alles unten sein, sonst wird das Haus in die Luft gejagt!" as du gejaut gin.

De schwéier blesséierte Brigadier an den Zt. MAQUIL hun eng Fënster viraus opgemaacht a geruff si kéimen erof. De Brigadier as vun den Zaldoten erofgedroë gin a virun den Hotel geluecht gin. Si hun him d'Kleeder opgeschnidden an op d'Wonn eng Plooschter gepecht déi se vun engem arméierten Zivilist krut hun. Wat mat him dono geschitt as geet ~~aus~~ met ~~mengem~~ desem Bericht ~~nët~~ ervir.

Fir des Sendung ofzeschléissen nach d'Fro:

## ~~4~~ Wat hun d'Lëtzebuerger Gefaangener nom 10. Mee an Däitschland erliewt?

Am Duanjésheischen zu Wallendorf woren den 10. Mee ëm 8 Auer muerges 15 Gefaangener

Zu Fous as ët du lassgaang no der „Ammeldinger Heide" (10 km). Hei hun d'arméiert Zivilisten d'Wehrmacht-Uniform ugedun.

lien war och als Zivilist bei deen aneren erwähnten Zivilisten

Em Oberleutnant huet du mam Verhéier vun de Gefaangenen ugefaang. An engem kuerze Rapport, deen en de Lëtzebuerger virgeliest huet, schrouw en, en hät däitlech héieren wéi am Hotel Reckinger d'Waffe geluede gi wären. Sou wäre séng Leit gezwonge gewiescht ze schéissen. Also éng kloer Liegen well als Zaldoten, Gendarmen an Offizéier haten den ~~kloere~~ ~~Befeel~~ deitleche Commando net ze schéissen

Zou onse 15 Gefaangener sin nach ~~anerer~~ 12 stierbo dozoukomm:

Ëm 1 Auer mëttes sin déi 27 Mann zu Fouss no Hommerdingen (15 km) gaang. Do wor e Gefaangenelager an deem se och d'Gefaangener vum Iechternacher Posten ufond hun. Bis den 12. Mee, 18.30 Auer, si se dobliwwen. D'Rees as zu Fouss weidergaang an d'Neierbuerg (Neuerburg) wou se no ronn 30 km ëm 22.30 Auer ukoumen.

An der Buerg aquartéiert blouwe se do bis de 15. Mee mëttes.

Mam Zuch gong ët weider no Hemer (Iserlohn) a Westfalen. An dësem Lager woren de 16. Mee 80 Lëtzebuerger gefaangen: 24 Zaldoten, 15 Jhandaarmen, 2 Polizisten, 25 Duanjheën, 6 Biergerwiérleit an 8 Zivilisten.

Äis 24 Zaldoten gouwen den 2. Juni entlooss. Mam Zuch as ët no Waasserbëlleg gaang. Däitsch Militärkamiòën hu se op Iechternach bruecht wou se géint 4 Auer mëttes am „Hôtel Schmit" aquartéiert gouwen. Den 3. Juni as ët mam „Chareli" weidergaang bis op Dummeldéng, wou e lëtzebuerger Verwaltongswon se an d'Kasäre vun der Fräiwëllege-Kompani zréckbruecht huet (Géint 7 Auer owes).